adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
29 MARS 2016
1961

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24. Mäerz 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Schoul an Héichschoul weiderzeleeden.

Den Zougang zu héigerer Bildung ass fir vill Leit aus alle méigleche Schoulfilièren e ganz wichtegen Enjeu, grad och am Kader vun deem vun der EU an eise Regierungen ënnerstëtzte liewenslaange Léieren (Life Long Learning). Och vill Leit mat engem DAP (fréier CATP) ginn deelweis gären de Wee fir sech an hirem Liewe weider ze forméieren. An deem Zesummenhank wollt ech de concernéierte Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat fir eng Méiglechkeet bitt sech engem qualifizéierten Handwierker mat engem DAP oder dem fréieren CATP oder och engem Diplôme de technicien fir op enger Héichschoul oder enger Uni ze studéieren?
2. Huet e qualifizéierten Handwierker (DAP oder CATP), deen och nach eng Meeschterprüfung gemaach huet, eventuell méi en einfachen Zougang zu de Studien?
3. Ass den Zougang fir all virgenannten Diplomer dee selwechten a gëtt et Equivalenzen tëscht deenen Diplomer?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 2 mai 2016

Affaires générales

Monsieur le Président de la Chambre des Députés
19, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

**Réponse commune du Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse et du Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche à la question parlementaire N° 1961 du Député Gast Gibéryen**

Den Artikel 35 vum Gesetz vum 19. Dezember 2008 iwwert d'Reform vun der Formation professionnelle gesäit vir, datt ee mat engem DAP (diplôme d'aptitude professionnelle) respektiv mat engem Technikerdiplom op eng Uni oder Héichschoul an deem betreffende Fachberäich ka goen, ënnert der Viraussetzung, datt een déi sougenannten „modules préparatoires" gemaach a gepackt huet.

Vu datt dat virgenannte Gesetz och eng Equivalenz tëschent dem fréieren CATP (certificat d'aptitude technique et professionnelle) an dem DAP virgesäit, gëlle fir déi Leit mat engem CATP déi selwecht Reegele wat den Zougang zu enger Héichschoul ubelaangt.

D'Unzuel an den Inhalt vun deenen „modules préparatoires" hänke vum Fachberäich vum Schüler of an och dovun, ob ee vun engem Niveau Technicien oder DAP kënnt. Den Detail heizou gëtt am Règlement grand-ducal vum 26. Juli 2010 iwwert d'„matière des modules préparatoires" gereegelt.

Fir eng Persoun, déi eng Meeschterprüfung gemaach huet, gëtt et u sech aner Reegelen, wat den Zougang zur Héichschoul ubelaangt. Déi Reegele sinn allerdéngs net an engem Gesetz festgehalen, mee an esou Fäll decidéiert eng Héichschoul a voller Autonomie, ob an op wéi engem Niveau si eng Persoun zouléisst, déi e Meeschterdiplom huet.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche



29, rue Aldringen
L-2926 Luxembourg
Tél.: (+352) 247-85100
Fax:(+352) 247-85113
e-mail: info@men.lu
www.men.lu

127-000188-2004016-FR